Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

All Joers produzéiert Lëtzebuerg Tonnen u Plastikmüll. Fir d'Quantitéit u Plastik, deen ewech geheit gëtt, ze reduzéieren, gëtt aktuell vill driwwer geschwat Produiten, déi och aus alternative Materialie produzéiert kenne ginn, ze verbidden oder méi deier ze maachen. An deem Kontext goufen zu Lëtzebuerg jo och viru kuerzem gratis Plastikstute verbueden, soudass elo jiddereen, deen am Supermarché nach eng Tut aus Plastik brauch, strikt fir des bezuele muss. Näischt bezuele muss een dogéint fir all dee Plastik, deen een – obwuel een en an dësem Fall iwwerhaapt net braucht – an d'Bréifboîte gehäit kritt. Reklammen, Zäitschréften an och Broschüre kritt een oft zougeschweesst an enger Plastikstut zougestallt, obwuel se och ouni des Verpackung hätte kenne geschéckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Hunn d'Ministeren Zuelen, déi duerstellen, wéi vill Plastikstuten a Form vu Verpackunge vu Reklammen all Joers iwwert de Postwee verschéckt ginn?
- Huet d'Regierung fir, an noer Zukunft de Gebrauch vu Plastiksverpackungen am Beräich vum Courrier ze reguléieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député